



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7994 vum 17. Mee 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.

Aktuell sinn nach ëmmer d'Dispositiounen vun der Führerschäinsdirective vun 2006 a Kraaft. Domatter ass de Führerschäi vun der Kategorie B100 am Moment nach ëmmer nëmmen eng national Kategorie. Et däerf een also net an d'Ausland fueren.

Am März vun dësem Joer huet déi Europäesch Kommissioun awer e Projet fir eng nei Führerschäinsdirective gemat. Dës ass am gaangen am zoustännege Gremium vum Conseil verhandelt ze ginn. Dës Propositioun gesäit, och op Initiative vu Lëtzebuerg hinn, vir, datt d'Kategorie B100 an Zukunft och an deenen anere Länner vun der EU soll gëllen, déi dës Dispositioun och virgesinn. Et gëtt also keng eegestänneg Kategorie, et muss een ëmmer kucken op dat Land wou een da wëll hi fueren dat op sengem Territoire zouléisst oder net. Bei den éischte Verhandlungen vum Text ass dës Dispositioun awer net a Fro gestallt ginn, esou datt si et misst an den Text packen.

Ze soe wéini dës Dispositioun a Kraaft trëtt ass schwéier ze soen, d'Verhandlungen zu dëser Directive wäerte wuel nach mindestens bis Ënn dës Joeres daueren, an da kënnt jo nach den Délai de transposition dobäi. Doriwwer eraus steet de Vote zu dëser Directive am Europaparlament och nach aus.

Lëtzebuerg, den 16. Juni 2023

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch